

Vum 1. Februar 2011 un wäert zu Lëtzebuerg eng national Vollekszielung (offiziell RP2011), kuerz Zensus11, duerchgefouert ginn. Dëst Informatiounsblat soll en Iwwerbléck iwwer d'Vollekszielung 2011 ginn, déi wichtegst Froe beäntweren an op d'Risiko fir d'Privatsphär, den Dadeschutz an d'informationell Eegebestëmmung opmierksam maachen.

Zieler vun der Vollekszielung

D'lëtzebuerger Wahlgesetz souwéi en europäeschen Reglement schreiwen fir, dass all 10 Joer eng Vollekszielung organiséiert muss ginn. Dat eenzegt vum Wahlgesetz propagéiert Ziel vun dëser Vollekszielung ass et d'Unzuel vun de Membere vum Gemengerot vun all Gemeng ze definéieren, woubäi den Reglement vun der EU als Ziel ausgëtt aktuell an zouverlässeg Statistike vun der Bevëlkerung vun der EU ze hunn op deenen d'Kommissioun hier Politik ka baséieren. De Statec benotzt dat selwecht Argument a verweist op d'Wichtigkeet vun dësen Zuelen als Base vu politeschen Decisiounen a Saachen Demographie, Famille, Bildung, Transport etc.

Ween feiert d'Vollekszielung duerch?

D'Vollekszielung gëtt, am Opdrag vun der Regierung, vum Statec geplangt, koordinéiert an duerchgefouert. Dobäi gi fräiwëlleg Agenten agesat, déi eng gewëss Zomm dofir kréien de Questionnaire auszedeele an erëm anzesammelen. Och bei eventuellen Onstëmmegkeeten oder Froe vun de Bierger sollen dës Agenten zur Verfügung stoen.

De Questionnaire léist sech allerdéngs net nëmmen duerch de Vollekszieler, also den Agenten, iwwermëttelen, ma kann och online fortgeschéckt ginn. Et besteet och d'Méiglechkeet, de Questionnaire direkt un d'Gemeng oder un de Statec ze schécken.

Questionnaire mat Froen vun der Familljesumstellung bis zu de Sproochgewunnechten

An der Vollekszielung 2011 ginn nieft der Unzuel vun de Bierger am Land och Donnéeën iwwert hiren Haushalt, Familljesumstellung, Sproochgewunnechten a weider perséinlech Donnéeën gesammelt.

Nieft Froen zum Haushalt, Gebai an Wunnenge selwer ginn och persoun-bezunn Donnéeën gefuerdert, wei beispillsweis wien alles am Haus wunnt oder wéi vill Handyen een am ganzen Haus huet. Et ginn eng ganz Rëtsch perséinlech Froe gestallt; sou muss een säi kompletten Numm, de Gebuertsdatum, seng Nationalitéit, säi Beruff, säi schouleschen Ofschloss, di geschwate Sprooch an der Schoul, op der Aarbecht an tëschent der Famill uginn, esouguer gëtt gefrot a wéi enger Sprooch een denkt.

Partizipatioun ass obligatoresch fir jiddereen!

All Persoun, déi zu Lëtzebuerg hire Wunnsëtz huet muss matmaachen. All Haushalt kritt en Questionnaire geschéckt, deen et bis zu 6 Leit erlaabt d'Froen ze beäntweren. Wunne méi wéi 6 Leit am Haushalt musse weider Froebéi beim Statec ugefrot ginn.

All Bierger, un deen de Questionnaire geschéckt gëtt ass verpflichtet de Questionnaire "d'une manière exacte et complète" auszufüllen. Wien zur Zäit vun der Vollekszielung net verfügbar ass



muss de Questionnaire a senger Gemeng oder beim Statec ofginn.

Bei Verstouss géint dës Verpflichtung oder bei Verweigerung drot eng finanziell Sanktioun vun 251€ bis 2,500€. D'Direktiven um Questionnaire selwer, nämlech a Grousbuchstawen oder an den entsprechende Casen ze schreiwen ginn allerdéngs net sanctionnéiert.

Anonymitéit ass net garantéiert

Dem Bierger gétt trotz den Aussoe vun de Responsabelen net d'Méiglechkeet ginn anonym un der Vollekszielung deel ze huelen. Online, duerch d'Verifizéiere per LuxTrust, esou wéi um Pabeier ass en eendeitegen Idenditéitsnoweis gefrot. De Vollekszieler kennt donieft souwuel d'Identitéit vun dem Befrote wéi och seng Äntwerte wann kontrolléiert gétt op d'Froe beäntwert goufen.

Ech wëll net gezwonge ginn perséinlech Donnéeën erauszeginn! Wat kann ech man?

D'Matmaache bei der Vollekszielung, souwéi d'korrekt Ausfëlle vum Questionnaire ass obligatoresch. D'Piratepartei kann dowéinst NET opruffen d'Vollekszielung ze boykottéieren.

Eng Bestofung wéinst inkorrektem Ausfëlle vum Questionnaire ass onwahrscheinlech wëll et souwuel dem Agent net erlaabt ass en Haus ze betrieden an d'Äntwerten ze kontrolléiere wéi et och beim Auswäerten net erlaabt ass d'Äntwerte mat existéierenden Zuelen ze vergläichen. Dëst soll awer op KEE Fall en Opruff duerstellen de Questionnaire net uerdnungsgemäss auszufëllen.

Weider Informatiounen wéi een sech wiere ka sinn op zensus11.piraten.lu/wier-dech ze fannen.

Vollekszielung 2011 - en onnéidegen Agrëff an d'Privatsphär, den Dateschutz an d'informationell Eegebestëmmung

D'Vollekszielung geet wäit iwwer dat vum Wahlgesetz festgeluechten Ziel eraus. Och d'EU Reglement léist den Staaten de Fräiraum manner privat Froen ze stellen, wéi dat bei der Vollekszielung 2011 de Fall ass. Wéi d'Vergaangenheet beweist droen déi gesammelt Statistiken donieft net onbedéngt zu enger besserer Planung bäi. Et bleiwen Zweiwel op d'Käschte vu 5 Milliounen (dorënner Publicitéitskäschten) gerechtfäerdeg sinn.

Trotz der obligatorescher Participatioun ass et net méiglech d'Froen anonym ze beäntweren; sief et op een de Questionnaire per Hand oder online ausfëllt, per Post schéckt oder vun engem Agent asammele léist - en kloeren Idenditéitsnoweis ass ëmmer noutwenneg. D'Vollekszielung verstéisst och géint de wichtegste Prinzip vum Dateschutz: nëmme déi Donnéeën ze sammeln, déi een och wierklech brauch.

Vill vun de Froen dréinen sech ëm d'Doheem vun de Lëtzebuerger. D'Doheem ass en privat Réckzugsgebidd wou de Staat sech net dierf ënnert dem Undréie vun enger Geldstrof erandrängen. Net nëmme musse privat Froe beäntwert ginn, et kommen och nach Agente bei een Heem schellen an iwwerliesen den ausgefëllte Questionnaire fir ze kontrolléieren ob all d'Froe beäntwert goufen.

D'Verletzung vun der Privatsphär an der Vollekszielung zitt sech duerch de ganze Questionnaire.



Déi gestallte Froe ginn déif an de Bierger hier Privatsphär eran (z.B. Froen iwwert den Doheem, Familjenverhältnisser, souguer Gedankengäng), mäschtt Ënnerscheeder wou keng dierfe gemaach ginn (z.B. tëscht Nationalitéiten, Lëtzebuenger vu Gebuert un oder per Naturalisatioun) an hält keng Rücksicht ob eventuell schlëmm Erënnerungen (z.B. Fro no de lieweg gebuerene Kanner) oder perséinlech Befindlechkeeten (z.B. Geschlecht).

De Questionnaire vun der Vollekszielung 2011 ass voller Froen, déi bei verschidde Mënschen einfach ze wäit ginn! Privatsphär ass kee fest definéierte Raum, dee bei all Persoun de selwechten ass. Dofir ass et net akzeptabel, dass de Staat ënnert dem Undréie vun enger Geldstrof all Bierger zwéngt de komplette Questionnaire auszufüllen. D'Reegele vum Recht op Privatsphär, Dateschutz an informationell Eegebestëmmung schreiw fir, dass all Mënsch muss kënnen decidéiere wéi eng privat Donnéeën en präis gëtt a wéi eng en fir sech behält. En demokrateschen a fräiheetleche Staat muss dës Reegelen anhalen!

Eng ausféierlech Kritik a weider Informatiounen gëtt et an onsem Dossier op zensus11.piraten.lu.

Dëst ass en Informatiounsblat vun der Piratepartei Lëtzebuerg

Piratepartei Lëtzebuerg setzt sech säit hirer Grënnung am Oktober 2009 fir den Schutz vun Biergerrechter, am speziellen den Schotz vun der Privatsphär an een erhéichten Dateschutz, an. Piratepartei fuerdert ausserdeem eng méi grouss Transparenz vum Staatsapparat, wei och den fräien Accès zu ëffentlechen Informatiounen an Bildungsmaterialien. Doriwwer eraus fuerdert Piratepartei eng grondleeënd Reform vum Urheberrecht an vum Patentwesen.

Als Member vun enger internationaler Bewegung bedeelegt sech Piratepartei Lëtzebuerg aktiv op internationalen Konferenzen an Aktiounen. Grondleeënd Prinzip ass Basisdemokratie, di et all Member vun der Partei erlaabt hir Zukunft matzegestalten.



Piratepartei Lëtzebuerg
1, Sonnestrooss,
L-5683 Dalheim

www.piratepartei.lu

ahoi@piratepartei.lu

(+352) 691 804 033 (Jerry Weyer)
(+352) 621 632 118 (Sven Clement)



Creative Commons Attribution-NonCommercial 3.0 (CC BY-NC 3.0) Lizenz